

JCL: Der Jugend eng Zukunft!

D'Jugend huet Grondrechter. Dozou gehéiert d'Recht op Bildung, d'Recht op eng Léier, d'Recht op Aarbecht, d'Recht op Wunnen, d'Recht op sozial Ofsecherung, d'Recht op Fräizäit, Kultur a Sport, d'Recht op Demokratie a Matbestëmmung, d'Recht op e Liewen a Fridden.



Ma wéi gesäit dat mat der herrschender Politik hei zu Lëtzebuerg aus? Op der enger Säit hu vill Jonker Problemer an der Schoul, fanne keng Léierplaz, keng (sécher) Aarbechtsplaz, keng bezuelbar Wunnéng, kréien e Loun, vun dem se käum oder net liewe kënnen, si betraff vun Aarmut. Si hunn Angscht ëm hir Zukunft.

Op der aner Säit: Déck Profitter fir d'Patronat, manner Steiere fir Konzernner a fir déi Räich, déi méi räich ginn. De Militärbudget gëtt erhéijt an d'Arméi opgerëscht, Lëtzebuurger Zaldote ginn an d'Ausland geschéckt a bedeelege sech u Militärmanövern. Kricher gi virbereet, gefouert an ënnerstëtzt. Ass



dat eng „Erausfuerverderung fir dech“? Als Kanounefudder?

Mir vun der JCL stellen eis dogéint! Wat déi Jonk brauche, si keng eidel Versprieche, keng Sonndesrieden, keng domm oder faul Spréch, mä Perspektiven an eng liewenswäert Zukunft.

Mir fuerderen:

- d'Suen fir Bildung a Soziales, net fir d'Oprëschtung vun der Arméi!
- Betriber dozou unzehalen, genuch Léierplaze ze schafen a gutt auszubilden.
- sécher Aarbechtsplazen ze schafen!
- Erop mam Mindestloun!
- d'Aarbechtszäit ze verkierzen, d'35-Stonne-Woch anzeféieren!
- méi bezuelbar Mietwunnéng bauen!
- d'Konzerner a déi Räich méi ze besteieren!
- Ofrëschen! D'Auslandsasaz ze stoppen, d'Lëtzebuurger Zaldote zeréckzezéien, de Militärbudget ze kierzen. Fir eng Aussepolitik vum Fridden!

Ween ass d'JCL?

Mir, JCL (Déi jonk Kommunisten), sinn e Zesummeschluss vu Jonken, déi hei zu Lëtzebuerg anrieden:

- fir d'Rechter vun der Jugend a vun de schaffende Leit
- géint d'Aarbechtslosegkeet, Sozialofbau, d'Ugrëff vum Patronat an d'Aschränke vun der Demokratie
- fir d'Gläichberechtigung vu Mann a Fra
- géint Ëmweltzerstörung, fir de Schutz vun der Natur
- fir d'Trennung vu Kierch a Staat, d'Ofschaf vum der Monarchie a d'Aféiere vun der Republik
- géint riets Hetz a Faschismus
- géint Oprëschtung a Krich
- fir datt de Mënsch virum Profit geet an de Räichtum ëmverdeelt gëtt
- de Kapitalismus ofzeschaffen an eng sozialistescht Gesellschaft opzebauen
- géint d'EUropa vun de Banken a Konzernner

Dofir soe mir: Organiséiert iech, wiert iech a kämpft zesummen!

Zesumme si mir staark. Well alleng kréien

se dech kleng. A wien net kämpft, deen huet scho verluer!

Gitt aktiv a maacht mat an der JCL!

Kontaktéier eis!

Postkëscht 403, L-4005 Esch/Uelzecht
JCL – Déi jonk Kommunisten
jonk-kommunisten@hotmail.com

